Fréiséng, den 9. Juli 2008

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
09 JUIL. 2008
Q 2687

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
groupe parlementaire

Här Lucien Weiler,
President vun der
Deputéiertechamber

*Här President,*

*Esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden:*

An séngen „Notes de conjoncture" deelt de Statec regelméisséch d'Präissentwécklung a Prozenter mat fir déi verschidde Produktkategorien déi den Index-Wuerekuerf ausmaachen.

An dësem Zesummenhang wëll éch dem Här Wirtschaftsminister gären déi heite Froen stellen:

1) Et ass unzehuelen, datt de Statec séch beim Zesummestellen vun der Präisentwécklung vum Wuerekuerf op d'Entwécklung vum reelle Präiss an de Geschäfter vun den eenzelne Produkter baséiert. Ass den Här Minister an de Lag mer d'Präisser iwwer e bestëmmten Zältraum fir verschidde präzis Produkter an Dingschtleeschtungen ze nennen?

2) Wann Jo, kann de Minister mer fir d'Joren 2000 bis 2008 pro Joer den Duerchschnëttspräiss nennen fir:

   a) e Pond normalt wäisst Brout
   b) e Paak Spaghettien
   c) Kilopräiss vum Randfleesch
   d) Kilopräiss vum Schwéngefleesch
   e) Kilopräiss vum Hingerfleesch
   f) Kilopräiss Fësch
   g) e Liter Vollmëlléch
   h) eng Dozen Eeër
   i) e Pond Botter
   j) e Kilo Äppel
   k) e Kilo Gromperen
   l) eng Laitues-Zalot
   m) e Kilo Zocker
   n) e Pond Kaffi
   o) en Härenhiem

p) eng Dammebox
q) e puer Kannerschong
l) den Duerchschnëttspräiss vum Loyer pro Quadratmeter
m) den Duerchschnëttspräiss vum Elektrëschen
n) den Duerchschnëttspräiss vun de Medikamenter
o) eng Dokteschconsultatioun
p) e Bustrajet
q) en Entreesbilljet fir de Kino

3) Wann Nee:
a) firwat kann de Minister mer dës präzis Äntwerten net gin?
b) opgrond vu watfir engen Donnéen stellt de Statec d'Präisentwécklung vum Wuerekuerf dann zesummen?

4) Wir d'Präisentwécklung fir d'Öffentléchkeet net besser noozevollzéien, wann de Statec a sénger Note de conjoncture nieff der prozentualer Präisentwécklung fir d'Kategorien vu Produkter an Dingschtleeschtungen aus dem Wuerekuerf, fir eng Partie ausgewielten Produkter dë reelë Präiss géiff nennen?

Mat déiwem Respekt

Gast Gibéryen
Deputéierten